N°2123
Entrée le 21.03.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 21.03.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20/03/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

Lëtzebuerg huet fir seng Verhältnisser een zimmlech gutt opgespaanten Zuchnetz, dat an all Himmelsrichtungen vum Land an d'Haaptstad féiert. D'Schinnenetz wäert déi nächst Joren nach weider wuessen mam Bau vu weideren Tramstrecken bis op Belval.

Et besteht och nach d'Méiglechkeet, fir al Zuchstrecken ze reaktivéieren, zum Beispill déi al Atertstreck tëschent Klengbetten a Stengefort oder Ettelbréck a Biissen, wou haut nach Schinnen leien. Am nationale Mobilitéitsplang 2035, deen déi virëg Regierung decidéiert huet, steht awer, dass een dës Strecken net wéilt erëm beliewen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi steht dës Regierung zu enger Reaktivéierung vun der aler Atertlinn fir de Persouneverkéier?
2. Am Fall vun enger negativer Äntwert op di virëg Fro: fir wat wäerten d'Terrainen vun der aler Atertlinn, déi dem Staat gehéieren, an Zukunft genotzt ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten